# Budgetsried 2024

## Gilles Roth 06.03.2024

## Neie Schwong fir eist Land

* Seul le texte prononcé fait foi

1. Introductioun
2. Makroekonomescht Ëmfeld
3. Eckdate vum Budget
4. Konklusiounen an Zilsetzung vun der Budgetspolitik
5. Prioritéiten
    a. Ee Budget fir ee modernt an attraktiivt Lëtzebuerg
        i. Eis Mobilitéit
        ii. Déi energeeteschTransitioun
        iii. D'Autobunn vun der Digitaliséierung
        iv. Eng Steierpolitik fir Kafkraaft a Kompetitivitéit
        v. Wunnengsbaupolitik
        vi. Ausbau vun der Schoul an der Betreiung vun eise Kanner
        vii. Eng gutt Versuergung vun eise Matbierger
        viii. Staark Gemengen
    b. Ee Budget fir d'Zesummeliewen an déi sozial Kohäsioun
        i. Solidaritéit hei am Land…
            1. …fir déi Schwächst
            2. …fir d'Familljen
            3. …fir d'Leit am Chômage
            4. …fir d'Flüchtlingen
            5. …fir eis Baueren
        ii. Eng diversifizéiert Fräizäitgestaltung duerch eng räich Offer a Sport a Kultur
        iii. Solidaritéit mam Ausland
6. Konklusioun

1. **Introductioun**

Här Präsident,
Dir Dammen an dir Hären,

- Land a Leit fir d'Zukunft stäerken. Mat Neiem Schwong fir Lëtzebuerg. Elo. Fir een Opschwong fir Leit a Betriber haut a muer.

- Dat ass d'Zilsetzung vun dësem éischte Budget vun der neier Regierungsequippe.

- Fir mech, eng grouss Éier Iech dëse Budget haut virzestellen.

- Am Dezember huet d'Chamber de Budget vun den **douzièmes provisoires** ugeholl. Een techneschen Exercice, deen dem Staat erlaabt seng Ausgaben a Steierrecettë 4 Méint weiderlafen ze loossen. Politesch Akzenter goufen an deem Kader net direkt gesat.

- De Budget fir d'Joer 2024 ass domadden ee spezielle Budget. **Jo, zu engem Deel een Iwwergangsbudget**. Ee Budget vun enger Regierung, déi zanter 110 Deeg am Amt ass.

- Mä **och ee Budget, deen éischt Akzenter a Richtung vun enger neier Politik setzt**. Ee Budget, deen neie Schwong fir eist Land bréngt. Fir den Opschwong vu muer, haut virzebereeden.

- Dësen **Opschwong kënnt net vum selwen**. Dee musse mir proaktiv siche goen, als Land, als Leit, an och als Politik. Dat maache mir mat dësem Budget. Ee Budget, deen de Kompass vun der Regierung ëmsetzt: Lëtzebuerg op Zukunft preparéieren – Lëtzebuerg a seng Awunner fir d'Zukunft stäerken.

- De **Wee aus de Krisen**, déi eis déi lescht Jore begleet hunn, ass kee kuerzen. Dëse Budget ass een éischte Schrëtt, awer et ass een zentralen. Ee Richtungswiessel. En Opbroch. E begrënnt Verspriechen op besser Zäiten.

- Dëse Budget setzt op **Mutt an Zouversiicht**, net op Angscht a Verdross. D'Kafkraaft vum Bierger gëtt gestäerkt. D'Kompetitivitéit vun de Betriber geet erop. Lëtzebuerg investéiert a seng Attraktivitéit. Secteur'en an der Kris ginn ënnerstëtzt.
- De **wichtegsten Invest dobäi ass deen an d'Leit**. An eise sozialen Zesummenhalt. Wëll dësen Zesummenhalt ass d'Basis vun all Opschwong.

- Mir wäerten duerfir **keen aleng loossen**. D'Bekämpfung vun der Aarmut war zu Senneng eng éischt Prioritéit. Dat spigelt sech och an dësem Budget erëm.

- Mir spieren eng **positiv Grondstëmmung** a wëlle weidert **Vertraue** schafen – beim Bierger awer och bei den Entreprisen, dem Mëttelstand an der Finanzplaz.

- Mir schaffen un engem **modernen, un engem attraktive Lëtzebuerg**. An dat fir jiddereen. Ee Land, wou et sech gutt liewen, wunnen a schaffe léisst. Ee Land mat engem Sozialmodell, deen och an Zukunft nohaltege Wuelstand a Wuelbefanne liwwert. Ee Land mat enger staarker Mëtt, déi integréiert. Ee Land mat engem Sozial-Lift, dee funktionéiert.

- Mat dësem Budget definéiere mir awer och **d'Richtung fir eis Finanzpolitik** iwwert déi nächst Joren. Wéi de Schéiereffekt tëschent Ausgaben an Einnamen sech entwéckelt. Wouhi mir mëttelfristeg mat der ëffentlecher Schold histeieren.

- Dës Regierung steet zu enger **virsiichteger Finanzpolitik**. Schold ass gutt, wann se iwwer Investitiounen een nohaltege Mehrwäert fir Land a Leit bréngt.

Schold ass manner gutt, wann se am Konsum opgeet an d'Liewe vun de Leit net nohalteg verbessert.

- A mir dierfen ni vergiessen, datt d'Schold vun haut séier zu de Steiererhéijunge vu muer ka ginn.

- E puer Wierder zum **makroekonomeschen Ëmfeld** an deem dëse Budget sech beweegt.

## 2. Makroekonomescht Ëmfeld

- Vill **international Konflikter,** déi een direkten Afloss op déi europäesch an domadden op déi national Ekonomie hunn.

- 2 Joer Krich an der Ukrain. Dee gréisste Flächekrich zanter dem Zweete Weltkrich. A nach keen Enn a Siicht. Dozou och nach een Noost-Krich. Doriwwer eraus, eng schwiereg international Lag am Allgemengen, mat Bléck op déi grouss Muechten am Osten an am Weste vun der Weltkugel.

- Lëtzebuerg, e **klengt Land mat enger oppener Ekonomie**, mat enger Finanzplaz vu Weltrang, déi international ausgeriicht ass. Déi europäesch Wirtschaftslag huet een direkten Impakt op eis.

- De Budget vun dësem Joer baséiert op dem STATEC senge Previsioune vum Januar 2024.

- 2023, hate mir zu Lëtzebuerg ee Réckgang vum **wirtschaftleche Wuesstum** vu -1%. Deem stoung ee Plus vun 0,5% an der Eurozon géintiwwer.
- 2024 soll eis Wirtschaft Zu Lëtzebuerg dofir awer nees méi séier wuessen ewéi an der Eurozon. Plus 2% zu Lëtzebuerg am Verglach zu +0,6% an der Eurozon.

- Domadden leie mir zu Lëtzebuerg ënnert deenen 3,2% Wuesstum, déi mir iwwer déi leschte Joerzéngtem an der Moyenne kannt hunn.

- D'**Inflatioun** soll sech 2024 bei 2,2% apendelen.

- Den **Aarbechtsmaart** wäert dëst Joer nach net vun der méi positiver Dynamik vun der Ekonomie profitéieren. Den Emploi wäert – laut STATEC – just ëm 1,3% am Verglach mam Virjoer wuessen. Domadden leie mir wäit ënnert der Progressioun vun den 3,2% déi mir an de leschte Joerzéngten an der Moyenne kannt hunn. Dat erkläert firwat den Iwwerschoss an der *Sécurité*

*sociale* tendenziell no ënne geet. Manner Emploi heescht ganz einfach manner Cotisatiounen.

- Gläichzäiteg klëmmt de **Chômage** – laut STATEC – bis op en Taux vu 5,9%, also ee gutt Stéck iwwert der Moyenne vun de leschte Joren (4,6%). Och dëst spiere mir um Niveau vun den Ausgaben. Méi Chômage heescht méi Sozialausgaben.

- Mä och déi wäerten, déi musse mir zesumme stemmen. Well grad hei steet hannert all Zuel och e perséinlecht Schicksal.

## 3. D'Eckdate vum Budget

- Bevir ech méi an den Detail vun de Prioritéite vun dësem Budget aginn, ginn ech Iech eng **Iwwersiicht vun den Eckdaten**, no den europäesche Comptabilitéitsreegelen. Dës Eckdate ginn eis e Bild iwwert d'Performance vun de Staatsfinanzen. Un dësen Zuele gi mir international gemooss.

- Beim Zentralstaat, dem eigentleche Staat, gesi mir eng positiv Entwécklung vun de **Einnamen**. Dës belafen sech fir 2024 op 27,5 Milliarden Euro. Dat ass ee Plus vu ronn 1,8 Milliarden am Verglach zu 2023, respektiv ee Plus vu 7,1%.

- **D'Ausgabe** leeën och weider zou. Si belafen sech op 29,

- 4 Milliarden, wat engem Plus vun 2 Milliarden, respektiv 7,6%, entspriecht.

- Am Verglach: 2023 sinn d'Ausgaben nach ëm 11,5% gewuess, also ee gutt Stéck méi ewéi an dësem Budget.

- Mir wëllen d'**Dynamik vun der Progressioun bei den Ausgabe briechen,** dat Ganzt ouni Stoen ze bleiwen. Neen. Zil ass et, eis Suen effizient, gezielt a strategesch auszeginn.

- Den **Zentralstaat** schléisst dëst Joer mat engem **Defizit** vun 1,9 Milliarden Euro of.

- Fir de **Gemengesecteur** rechne mer mat engem positive Saldo vun 62 Milliounen Euro.

- An, um Niveau vun der **Sécurité sociale** sinn déi positiv Resultater réckleefeg. De Solde geet vun 1,05 Milliarden Euro am leschte Joer op 861 Milliounen Euro dëst Joer erof. Dëse Solde soll – Stand Haut – am Joer 2027 op 261 Milliounen Euro falen, dat eng direkt Konsequenz vu manner Emploi.

- Fir de **Gesamtstaat** rechne mir déi nächst Jore mat Defiziter liicht ënnert der Milliard. A Prozenter ausgedréckt heeschen dës Zuelen een Defizit vun -1,2% vum PIB fir 2024 an 2025 a liicht ënnert 1% an de Joren duerno. Tëscht 2018 an 2023 ass d’Staatsschold kontinuéierlech ugewuess. Dat ass a Krisejoren net anormal. Mä mir mussen dësen Trend ëmdréinen.

- An absolutten Zuele geet **d’Staatsschold** dëst Joer op 22,2 Milliarden Euro erop, also 26,5% vum PIB. Vum Joer 2026 u wäert d’Schold sech offlaachen. Mir sinn duerfir zouversiichtlech déi ganz Legislatur **ënnert 30% vum PIB** ze bleiwen (27,3% am Joer 2027).

4. **Konklusioun an Zilsetzung vun der Budgetspolitik**

Wéi eng **Konklusiounen zéien ech aus dësen Zuelen**?

- Mir si **virsiichteg bei der Finanzplanung**. Net iwwervirsiichteg oder fäertereg. **Awer mam noutwendegen Aemooss**. Well mir mussen och konsequent de Wee aus der Kris goen, eng anti-zyklesch Politik bedreiwen. De Bierger an d'Entreprise grad elo stäipen. An d'Zukunftsberäicher fir eist Land investéieren. A virun allem an d'Leit. Dat kann ech net dacks genuch ënnersträichen.

- Jo, den **Defizit am Zentralstaat** geet vun 1,65 Milliarden Euro am Joer 2023 op 1,91 Milliarden Euro am Joer 2024 **erop**. Mä de mëttelfristegen **Trend geet an déi richteg Richtung**. Ass den Defizit an de Joren 2021 bis 2023 nach ronn 500 Milliounen Euro d'Joer eropgaangen, läit d'Progressioun an der Moyenne bei 205 Milliounen Euro iwwer déi nächst Joren.

- Dat ass eng gutt Nouvelle, déi weist, dass mir net einfach zweckoptimistesch sinn.

- An der **Note un de Formateur** – dir erënnert Iech, dat ass nach keng 4 Méint hir – ass den Defizit beim Zentralstaat fir 2024 op 3,6 Milliarden Euro geschat ginn. Mir leien also elo schonn 1,6 Milliarden ënnert dem deemools geschaten Defizit.

- Dat trotz de Moossnamen aus dem **Solidaritéitspak 3.0,** déi aleng fir d'Joer 2024 op 1,2 Milliarden Euro geschat ginn – bal 900 Milliounen Euro méi ewéi 2023.

- Dat trotz engem **Gehälteraccord am ëffentlechen Déngscht,** wou d' Punktwäerterhéijung zanter dem 1. Januar vun dësem Joer spillt.

- Dat trotz **3 Indextranchen,** déi an dësem Budget hiren integralen Néierschlag fannen.

- Dat trotz engem déifgräifende Moossnamepak fir de **Wunnengsbau**.

- Dat trotz enger éischter **Inflatiounsberengegung** vum Steierbarème.

- Dat trotz weiderhin **héijen Investitiounen**, besonnesch an eis Mobilitéit, an eis digital an energeetesch Transitioun an an eis Nohaltegkeet.

Wéi ass dat méiglech?

- Op der Depensesäit bleiwen eis **Investitiounen op engem héijen Niveau**. Och d'**Sozialtransferte bleiwen intakt**.

- Efforte sinn awer um Niveau vun de lafenden Ausgaben, de Fonctionnementskäschte gemaach ginn. D'Progressioun ass hei am Verglach zu de Virjore manner staark.

- Mir haushalten mat Mooss fir op anerer Plaz déi néideg Akzenter ze setzen. Gréisser Ausgabe fir 2024 stamen aus neie Moossnamen, zum Beispill, am Stroossebau an Investissementer an d'Schinn, am Spezialfong fir abordabele Wunnraum, beim Ausbau vun der Garde vun de Spidolsdokteren, fir eis Arméi oder um Niveau vun der Betreiung vun de Kanner. Ech kommen derno am Detail ob dës Beräicher zréck.

- Aner gréisser Ausgabe sinn net nei an erklären sech duerch d'Indexéierung a réckleefeg Zuelen um Aarbechtsmaart. Dat besonnesch fir de Finanzement vun de Pensiounen, d'Participatioun an der Gesondheets- an Zukunftskeess an de Fonds pour l'Emploi.

- Ech soen awer och ganz kloer op dëser Plaz. **Dës Regierung stellt den Index net a Fro**.

- D'Entwécklung vun de Recette spillt eis och an d'Hand.

- Op der **Recettesäit** wäert déi gutt Entwécklung vum Enn vum Joer 2023 sech och am Joer 2024 bemierkbar maachen. Mir gi vun enger Progressioun vu 7,1% aus. Och dat ass e weidere Grond fir optimistesch ze sinn.

- **Zousätzlech Recette** wäerte mir, ënnert anerem, iwwert eng Hausse vun den Akzisen op den Zigaretten an dem lassenen Tubak schafen.

- Dat Ganzt ouni d'Kompetitivitéit vun eiser Industrie an deem Beräich aus dem Bléck ze verléieren. Eng Hausse bei den Zigaretten am Joer 2024, déi der duerchschnëttlecher Hausse aus de leschten 10 Joer entsprécht (ronn +2,7% fir 2024 am Verglach zu ronn 2,5% d'Joer an de leschten 10 Joer). Och wäerte mir nei Akzisen op tubakänleche Produiten aféieren, wéi z.B. den E-Zigaretten an Nicotine-Säckelcher.

- **D'Tendenz,** déi mir usteieren, ass kloer. Den **negative Schéiereffekt** tëschent den Ausgaben an den Einnamen wäert 2024 méi kleng ginn ewéi 2023 (1,9 Prozentpunkte fir 2023 vs. 0,5% Prozentpunkten 2024). Fir 2025 schaffe mir un engem **positive Schéiereffekt.** Dat heescht, dass am Joer 2025 eis Einnamen méi schnell wuesse wäerten ewéi eis Ausgaben.

- Och duerfir ass dëse Budget net just en Iwwergangs-Budget. Et ass ee Richtungswiessel.

- Den **Defizit am Zentralstaat** geet dëst Joer nach an d'Luucht. Mä – ewéi elo grad mat Zuele beluecht – d'Dynamik vun der Progressioun ass gebremst.

Vum Joer 2025 u wäert d’Trajectoire vum Defizit beim Zentralstaat net méi no uewe mä **no ënne weisen.**

- Viru gutt zwou Wochen ass Lëtzebuerg 1,25 Milliarden Euro op **d’Finanzmäert léine gaangen**.

- Wann een sech de **Kalenner vun eise Scholdemissiounen** ukuckt, stellt ee fest, dass mer bis 2033 all Joer eng Echeance hunn, fir d’Emprunt’en aus de leschte Joren ze refinanzéieren.

- Sou laang mir keen Iwwerschoss hunn, musse mer also op d‘Marchéen Sue siche goen.

- **D’Scholdelaascht dierf awer net ze staark ginn.** Dat, fir d’Vertraue vun de Mäert ze behalen. Ech denken hei un den Triple A. Dat awer och fir d’Zënslaascht am Aen ze halen. Dëst Joer muss de Staat viraussichtlech 183 Milliounen Euro un Zënsen op den Emprunte bezuelen.

- Aus deene Grënn suerge mir dofir datt **d’Schold bis un d’Enn vun dëser Legislatur manner staark wiisst.**

- Mir si keng 30% Fetischisten. Dës Regierung mécht eng zilféierend a beduecht Scholdepolitik, déi eis den **Triple A garantéiert**. Dat ass zentral fir eist Land, seng Leit a virun allem fir d‘Finanzplaz.

- Mir wëllen d’Kompetitivitéit vun eiser Wirtschaft héichhalen. D’Attraktivitéit vun eiser Finanzplaz stäerken.

- Mir wëllen domat ee staarke Sozialstaat finanzéieren. De Wuelstand vun de Leit ofsécheren an hir Liewensqualitéit erhalen.

- Duerfir brauche mir nohalteg ëffentlech Finanzen.

- 2024 ass och en Iwwergangsjoer wat den Europäesche Stabilitéitspakt ugeet. Dat aalt Reegelwierk gëllt nach esou laang bis d'Reform - déi viru kuerzem zu Bréissel decidéiert gouf, a Kraaft trëtt.

- Mir halen dëst Joer déi al Bréisseler Reegelen an. Dat ass gutt fir eis Kredibilitéit um internationale Plang. A mir wëllen och an Zukunft de sougenannten *Objectif budgétaire à moyen terme* (OMT) als Leitplank bäibehalen.
- Dofir wäert dësen **objectif budgétaire à moyen terme** um nationale Plang gesetzlech verankert ginn.

- D'Regierung steet also fir eng **responsabel Finanz- a Budgetspolitik**. Mat engem zolitten Invest an engem nohaltege Wuesstum. Am Joer 2024 wäerte 4,4% vum Bruttoinlandsprodukt an den Invest fléissen. Fir d'Zukunft vun eisem Land, fir de Mehrwäert fir eis Leit, fir de sozialen Zesummenhalt an der Gesellschaft ze assuréieren a progressiv ze verbesseren.

- **Prioritéiten**

Wou leien eis **Prioritéite bei den Ausgaben ?**

a. **Ee Budget fir ee modernt an attraktiivt Lëtzebuerg**

- Ee **modernt Lëtzebuerg** ass ee Lëtzebuerg an deem ee virukënnt. Zukunftsorientéiert Investitiounen ginn ënnerstëtzt, virop a Saache **Mobilitéit** an **energeetescher Transitioun**. Et wäert och verstäerkt op **d'Digitaliséierung** gesat ginn.

- Als Standuert attraktiv bleiwen: dozou gehéiert nierft der Mobilitéit an der **Steierpolitik** och **d'Wunnengsfro** an de **schouleschen Encadrement** vun de Kanner.

- Alles zentral Froe vum Liewen a vum Zesummeliewen an eisem Land.

i. **Eis Mobilitéit.**

- **Transportweeër gi weider ausgebaut**. Ewéi d'Virgängerregierunge setze mir op **Multimodalitéit.** Multimodal heescht NET den Individualverkéier ze verdäiwelen. Multimodal heescht soss näischt wéi déi beschtméiglech Kombinatioun aus alle Mobilitéitsformen. An do gehéiert an engem Land mat grousse ländleche Räim och den Auto dozou.

- Iwwer déi **nächst 4 Joren** investéiert de Lëtzebuerger Staat ronn **4,3 Milliarden Euro an d'Schinn an an d'Strooss** (1,8 Milliarden Euro iwwer de Fonds des routes) (2,5 Milliarden Euro iwwer de Fonds du rail).

- **Vill Leit sinn an hirem Alldag op den Auto ugewisen**. 2024 gi gréisser Depensen an de Stroossebau an der Kontinuitéit weidergefouert, ënnert anerem, fir:
    - de Ban de Gasperich a Midfield;
    - den Ausbau op 2x3 Spuere vun der A3 an der A6;
    - de Contournement vun Dippech-Gare ;
    - de Contournement vun Housen ;
    - d'Transversale vu Klierf ;
    - d'Securisatioun vun der N7 tëscht dem Fridhaff a Wäiswampech an d'Gare vun Ettelbréck ;
    - den Hoehenhaff.

- Multimodal heescht och Vëlosweeër weider ausbauen. Mobilité douce an ëffentlechen Transport gi gestäerkt. Den ëffentlechen Transport soll d'Zuchpäerd ginn.

- Iwwert d'Joren 2024-2027 wäerten d'CFL fir ronn 505 Milliounen Euro nei Zich kafen. Insgesamt fléissen iwwert dee selwechten Zäitraum ronn 1,9 Milliarden Euro an den Ausbau vum Schinnereseau.

- Well d'Gratuitéit vum ëffentlechen Transport just eppes bréngt, wann de Service och genotzt gëtt, musse mir **d'Mobilitéit an Zukunft besser plangen**.

- Dofir stelle mir dem **Observatoire digital de la mobilité** déi noutwendeg finanziell Mëttelen zur Verfügung. Dat fir méi een effizienten ëffentlechen Transport ze organiséieren. Eidel Busse suergen net fir méi Mobilitéit – am Géigendeel.

### ii. Déi energeetesch Transitioun.

- Eis **Energie** muss **méiglechst autonom** a gläichzäiteg **méiglechst nohalteg** produzéiert ginn. Dat ass net einfach. An duerfir och net bëlleg.

- **Klimaziler ginn net a Fro gestallt**. Mir wäerte konsequent un hirer Ëmsetzung schaffen, dëst sozial gerecht a mat deem néidege Pragmatismus.

- D'Ausgabe vum **Klima- an Energiefong** ginn déi nächst Jore konsequent an d'Luucht. Fir den Zäitraum 2024 bis 2027, Ausgabe vu bal 1,5 Milliarden Euro. 2024, Ausgabe vu 490 Milliounen Euro, zum Deel bedéngt duerch de Stroumpräisdeckel (225 Milliounen Euro).

- Global ginn d'Ausgabe fir d'Ëmsetze vum nationalen Energie- a Klimaplang vun 2,22 am Joer 2023 op 2,47 Milliarden dëst Joer an op 2,68 Milliarden am Joer 2025 erop.

- **Betriber** begleede mir um Wee vun der energeetescher Transitioun. Dëst zum Beispill mam Gesetz iwwer d'**Bonification d'impôt am Beräich vun der energeetescher an digitaler Transformatioun** dat d'Chamber am Dezember 2023 gestëmmt huet.

- D'**Ëmwelthëllefen fir d'Betriber** belafen sech iwwert den Zäitraum 2024 an 2027 – ouni déi spezifesch Energie- a Covidhëllefen – op 215 Milliounen Euro.

- Dës Regierung wäert awer och **d'Klimaagence** mat zousätzlechem Personal stäerken. Sie wäert an Zukunft nach méi eng wichteg Roll spillen.

### iii. D’Autobunn vun der Digitaliséierung.

- **Zukunft gestalten heescht de Fortschrëtt geziilt fir de Mënsch notzen**. De Mënsch ass kee Gadget. An och keen Objet. Mä de Mënsch steet am Mëttelpunkt vum Fortschrëtt. Grad an digitalen Zäiten ass dat zentral.

- Mir setzen op eng **sënnvoll Digitaliséierung** an alle Liewensberäicher, virun allem beim Staat selwer:
    - dat, fir de Staat méi effikass ze maachen,
    - dat, awer och fir dem Bierger den Ëmgank mat der Verwaltung ze vereinfachen.

- Iwwert déi nächst Jore wäert de Staat a senge verschiddenen Departementer all Joer iwwer **320 Milliounen Euro an d’Digitaliséierung** investéieren. Dëst op ganz verschiddene Niveau’en.

- Esou am Beräich vun der **Cybersécherheet** - d‘Zuel vu Cyberattacken hëlt rasant zou. Mir wäerten all Effort maachen fir **d’Resilienz vun eisen Infrastrukturen**, virop deene kriteschen, ze ënnerstëtzen. Den HCPN (*Haut-Commissariat à la protection nationale*) an den ILR (*Institut luxembourgeois de régulation*) kréien heifir déi néideg Kreditter. Hei heescht et: **Gefor fréi genuch erkennen**.

- **D’Ausgabe vum CTIE** (*Centre des technologies de l’information de l’Etat*) – dem staatlechen Zentrum fir Informatiounstechnologien - wäerte konsequent **an d’Luucht goen**. Fir d’Joren 2024-2027 eng finanziell Rumm vu 700 Milliounen Euro.

- **Digitaliséierung fir Betriber. Digitaliséierung am Interessi vum Bierger:**

- **5G Strategie** gëtt konsequent weidergefouert, dat mat Pilotprojeten, déi zesumme mam Privatsecteur an de Beräicher „*Smart Environment*“, „*Smart Cities*“ an „*Industry 4.0*“ ëmgesat ginn. Den **ultraséieren Internet** gëtt weider ausgebaut. Aleng dëst Joer fir 10,8 Milliounen Euro. Een Invest an de Standuert Lëtzebuerg.

- De **Prinzip vum „once only“** gëtt progressiv agefouert. D’Dokumenter, déi de Staat souwisou huet, soll de Bierger also net méi mussen ofginn.

- Am Beräich vun der Justiz gëtt de Kontakt tëschent den Autoritéiten an dem Bierger vereinfacht. ***Paperless Justice*** verbënnt Affekote, Riichter an Notaire mam Bierger.
- **D’Entwécklung vun anere Logiciellen, wéi dem JU-CHA2 (*justice chaîne pénale*), gëtt weidergefouert**. Den JU-CHA2 digitaliséiert a vereinfacht d’Echangen tëscht der Police an der Justiz. 11,25 Milliounen Euro sinn hei iwwer déi nächst 4 Jore (2024-2027) virgesinn.

- Digitaliséierung notze fir eng verbessert Léier- a Formatiounsoffer: De GIE ***Luxembourg Media and Digital Design Center*** soll an Zukunft méi eng grouss Roll spille fir dës Offer digital auszebauen. Dat mat enger Enveloppe vu 5,5 Milliounen Euro iwwert déi nächst 4 Joer.

- Do wou et Sënn mécht, setze mir verstäerkt op Digitaliséierung fir ee **méi performante Staat.** Et wäert schwiereg sinn de Staatsapparat am Rhythmus vun de vergaangene Jore wuessen ze loossen. Net ëmmer fanne mir nämlech Leit. 6.555 nei geschafe Posten an de Joren 2020-2023. Ronn 1.800 Posten, déi Enn 2023 nach onbesat waren. Ee Personal-Budget, dee vu 4,2 Milliarden am Joer 2018 op elo iwwert 7 Milliarde klëmmt.

- D’Zuel vun den Neiastellunge bleiwen héich, mä klamme manner séier, wéi an der Vergaangenheet. De gréissten Zouwuess gesi mer bei der Police, der Educatioun an der Arméi.

- Also, net onendlech vill Poste schafen, awer weiderhin do wou et prioritär ass. Verstäerkt Digitaliséierung do wou et méiglech ass.

**iv. Eng Steierpolitik fir Kafkraaft a Kompetitivitéit.**

- D‘Regierung ass ugetruede fir d’Kafkraaft vun de Leit ze stäerken. A fir de Bierger spierbar ze entlaaschten. **Mir hu Wuert gehalen**. Mir wäerten och an Zukunft Wuert halen.

- Grad **d’Entlaaschtung vun der breeder Mëttelschicht ass eis dobäi besonnesch wichteg**. An domadde menge mir praktesch alleguer d’Leit, déi géint Loun a Gehalt zu Lëtzebuerg schaffen. Eist Land ass eng Mëttelschicht-Gesellschaft. A wann dës Mëtt ufänkt ze zerbréckelen, huet dat Follgen fir de sozialen Zesummenhalt an de soziale Fridden am Land.

- Dofir wäert dës Regierung alles maachen, fir de sozialen Zesummenhalt an de soziale Fridde mat enger **breeder Steiergerechtegkeet** ze erhalen.

- Mat enger **Prioritéit fir déi Schwächst** an eiser Gesellschaft.

Fir 2024…

- Op den 1.1.2024 gouf duerfir de Steiertarif ëm 4 Indextranchen adaptéiert. Méi Netto vum Brutto. Dovu profitéiere relativ gesinn, déi ënnescht Akommes am meeschten. An och virun allem Wittleit an Elengerzéiender.

- Fir déi Leit, déi duerch d'Ewechfale vum Crédit d'impôt conjoncture Aboussen hunn, wäerte mir fir d'Joer 2024 ee sougenannte **Crédit d'impôt barème** aféieren.

Fir 2025…

- Mir wäerten zousätzlech Indextranchen am Steierbarème neutraliséieren.

- Mir wäerten och **d'Leit an der Steierklass 1a** – also virun allem Elengerzéiender a Wittleit – weider steierlech entlaaschten.

- Lëtzebuerg soll **attraktiv fir Talenter** sinn. Duerfir gëtt de sougenannte Regimm vun den Impatriés ugepasst. Genee sou wéi de Regimm vun der sougenannter Prime participative.

- Eist Ëmfeld muss attraktiv bleiwe fir d'Betriber. Si suerge fir méi Wuelstand an der Gesellschaft, méi Beschäftegung a manner Chômage. Fir d'Entreprisen ass Previsibilitéit wichteg. Duerfir gëtt **d'Betribsbesteierung** 2025 an engem 1. Schrëtt ëm 1 Prozentpunkt reduzéiert.

- Op der **Finanzplaz** gëtt d'Besteierung vun **aktiv geréierten ETF Fonge** rofgesat.

### v. Wunnengsbaupolitik.

- De Wunnengsbau ass zu dësem Moment **déi gréissten Erausfuerderung** an eisem Land. Mam Wunnengsbau steet a fält eise sozialen Zesummenhalt, steet a fält eise Wuelstand, steet a fält och eis Wirtschaft.

- Duerfir ass de Wunnengsbau och eng **strategesch Prioritéit vun dësem Budget**. Méi Schwong am Wunnengsbau heescht méi Schwong iwwerall am Land.

- De Problem louch fréier virun allem op der Säit vun der Offer. Haut gesi mir ee **staarke Réckgang vun der Demande.**
- D'Moossnamen, déi d'Regierung kuerzfristeg geholl huet, solle **verhënneren datt d'Kris am Bausecteur eng Sozialkris gëtt**.

- Mir hu schnell gehandelt. Nach Enn Januar huet d'Regierung gréngt Luucht ginn fir de konjunkturbedéngte Chômage partiel fir Deeler vum Bausecteur.

- Virun der Fuesvakanz gouf ee substantielle Moossnamepak vum Regierungsrot guttgeheescht. Den entspriechende Gesetzestext gouf de 7. Februar 2024 an der Chamber hannerluecht.

- **Steierlech Ureizer**:
  - **fir de Bierger** deen een Eegenheem wëll kafen;
  - awer och **fir den Invest** an de Steen ze férderen, dëst fir Beschäftegung an de Secteur ze kréien, fir Chômage ze vermeiden.

- Do dernieft eng ganz Reih **direkt Hëllefe fir d'Leit** an eng konsequent **Budgetsenveloppe fir méi Sozialwunnengen** an de Besetz vum Staat ze kréien.

- Ech ginn op dëser Plaz net weider an den Detail vun dëse Moossnamen an. Mir kréien nach Geleeënheet fir eis doriwwer auszetauschen.

- Nëmmen esouvill, et ass een **equilibréierte Moossnamepak**, ee Pak fir de **soziale Wunnengsbau** ze férderen, ee Pak fir den **Eegenheemkeefer** ze ënnerstëtzen, ee Pak fir dem Bierger den Accès op de Logement méi einfach ze maachen, ee Pak **fir den Invest** ze férderen.

- Et ass dëst eng vun de Prioritéite vun dëser Regierung. **Dat kascht net näischt.**

- De **budgetären Impakt** – jee no Hypothèse – manner Steiereinname vu ronn 130 Milliounen Euro – dovunner bal d'Hallschent aleng duerch de bëllegen Akt fir d'Eegenheem an d'Scholdzënsen um Eegenheem. Also fir déi Moossnamen, déi jonk Leit a Familljen ënnerstëtzen hiert eegent Doheem ze finanzéieren.

- Doriwwereraus, eng zolidd Hausse vun de Kreditter fir déi individuell Hëllefe vum Wunnengsbauministère. Vun 58 Milliounen Euro am Joer 2023, op 78 Milliounen Euro am Joer 2024 bis op 105 Milliounen Euro am Joer 2027.

- De Staat gëtt sech **massiv Moyene fir Bauprojet'en opzekafen**. De finanzielle Spillraum geet vun aktuell ronn 110 Milliounen Euro fir 170 Wunnunitéiten ëm weider 480 Milliounen Euro fir d'Period 2024-2027 erop. Domadder schafe mir Beschäftegung. Domadder vergréissere mir gläichzäiteg de Bestand vu Wunnengen an ëffentlecher Hand ëm ronn 800 Unitéiten.

- Bei de sougenannten **Aides à la pierre**, iwwer déi de Staat sech un der Finanzéierung vu Bauprojeten duerch e.a. de Fonds du Logement, déi national Wunnengsbaugesellschaft an d'Gemenge bedeelegt, geet de staatlechen Undeel vun 176 Milliounen Euro am Joer 2023 op 431 Milliounen

Euro an dësem Joer erop. Dëse Budget klëmmt an de Joren duerno op iwwer 600 Milliounen Euro.

- Een däitleche Message – Mir sinn eis der Wichtegkeet vum Wunnengsbau fir eis Bierger, fir eise Mëttelstand, fir eis Ekonomie a fir eist Land bewosst. Mir iwwerhuelen eis Responsabilitéit.

- Dat maache mir och beim **Ausbau vun der Schoul an der Betreiung vun eise Kanner.**

### vi. Ausbau vun der Schoul an der Betreiung vun eise Kanner.

- **Zukunft vu Lëtzebuerg stäerken heescht an d'Schoul, heescht an d'Betreiung vun eise Kanner investéieren**. Eis Schoul wiisst. D'Erausfuerderunge si villfälteg.

- D'Zuele vum Bildungsministère weisen et. An der Moyenne iwwert 1.200 Schüler pro Joer tëschent de Joren 2021 an 2023.

- Dat heescht eigentlech datt mir praktesch **all Joer een neie Lycée** bräichten.

- Mir brauchen also schnell Schoulinfrastrukturen.

- Dëst huet sech an der Vergaangenheet als schwiereg erwisen. Mir wäerten **nei Weeër goen**. An Zukunft sollen dofir **méi kleng, manner käschtenintensiv Strukture kuerzfristeg op bebaubaren Terraine realiséiert ginn**.

- Ugeduecht sinn elo scho konkret Projeten, déi zum Deel a Kooperatioun mat de Gemenge realiséiert ginn:
  - Eng nei Europaschoul am Quartier Metzerlaach zu Esch-Schëffleng.
  - Den Ausbau vun de Schoul- a Sportsinfrastrukturen zu Déifferdeng.

    - D’Opmaache vun engem neie Site vun der Ecole nationale des adultes op Belval fir d’Rentrée 2025.

- Jo, mir mussen eis Gebaier fir méi Zwecker kënne notzen. Et ginn haut scho Projeten, z.B. um Kierchbierg, um Cents oder um Briddel, wou d‘Wunnen a Schoul Hand an Hand ginn.

- Nieft der schoulescher Offer ass **d’Kannerbetreiung** ee wichtegt Uleies vu ville Leit hei am Land. Si spillt eng wichteg Roll am Beräich vun der non formaler Bildung vum Kand. Si spillt och eng wichteg Roll fir d’Liewensgestaltung vu ganz ville Famillen.

- Deem wäerte mir Rechnung droen:
    - d’Participatioun vum Staat un de **private Betreiungsstrukture** geet vun 233 Milliounen Euro op 255 Milliounen Euro an d’Luucht ;
    - fir déi **konventionéiert Servicer** ass ee Budget vun 293 Milliounen Euro virgesinn. Ee Plus vu 50 Milliounen Euro am Verglach zum leschte Joer ;
    - insgesamt gi Famillje mat 716 Milliounen Euro iwwert de **Chéque-service accueil** ënnerstëtzt.

- Lëtzebuerg ass op **héich qualifizéiert Leit ugewisen**. D'Regierung wäert duerfir och weiderhin d'Studenten an hire Studien ënnerstëtzen. Insgesamt ass fir **d'Studentebourssen** ee Budget vu ronn 184 Milliounen Euro virgesinn. Ee Plus vu 24 Milliounen Euro.

- Mir mussen och eis **medezinesch Versuergung kontinuéierlech verbesseren**.

- Dat, ënnert anerem, mam Bezuele vun de Garden an Astreinte vun de Spidolsdokteren (+37 Milliounen Euro), mat der Stäerkung vum konventionéierte Secteur am Gesondheetsberäich, mam Invest an de **Bau vun zousätzleche Spidolsinfrastrukturen**.

- D'Depense vum Spidolsfong gi vu 47 Milliounen Euro 2023 op iwwer 200 Milliounen Euro 2027 an d'Luucht.

- Fir 2024 belafen sech d'Depense viraussiichtlech op ronn 75 Milliounen Euro. Dovunner 26 Milliounen Euro fir den Neibau vum CHL.

- Nieft der Police, där hire Budget ëm iwwer 49 Milliounen Euro klëmmt, ginn och d'Ausgabe vum CGDIS (*Corps grand-ducal d'incendie et de secours*) kontinuéierlech an d'Luucht. Vun 170 Milliounen Euro am Joer 2023 op iwwer 203 Milliounen Euro 2027. Mir bedeelegen eis och mat 4 Milliounen Euro um Kaf vun 2 Rettungshelikopteren duerch d'Lëtzebuerger Air Rescue.

### vii. Staark Gemengen.

- Eist Land brauch staark Gemengen. Och si droen zu engem moderne Lëtzebuerg bäi. Et ass do wou d'Liewe spillt. Et ass do wou den Zesummenhalt am Alldag gelieft gëtt.

- Fir hire Missioune gerecht ze ginn, brauchen d'Gemengen déi **néideg finanziell Mëttelen**. De kommunalen Dotatiounsfong geet ëm 141 Milliounen

Euro vun 2023 op 2024 an d’Luucht. Bei der Gewerbesteier ass et ee Plus vun 290 Milliounen Euro. De Gemengesecteur kritt mat dësem Budget esou vill Suen ewéi nach ni.

### b. Ee Budget fir d’Zesummeliewen an déi sozial Kohäsioun

- Sozial Transferten (Leeschtunge) maache 47% vum Staatsbudget aus. Et sinn dëst **wichteg Ausgabe** fir den **Zesummenhalt an eiser Gesellschaft**, fir déi **sozial Kohäsioun** an eisem Land. Dës Regierung hält un dësen Ausgabe fest.

- **D’Participatioun vum Staat an der Sécurité sociale** geet am Joer 2024 ëm 572 Milliounen Euro erop. Dëst entsprécht enger Hausse vu ronn 12%. D’Kontributioun bei der Krankeversécherung a bei der Pensiounsversécherung bedréit 4,4 Milliarden Euro am Joer 2024. Ee Plus vun 126 respektiv 179 Milliounen Euro. Bei der Fleegeversécherung läit d’Participatioun vum Staat bei 401 Milliounen Euro (+33 Milliounen Euro).

- Ech hunn et virdru gesot. Den **Iwwerschoss an der Sécurité sociale wäert** – no aktuelle Previsioune vun der IGSS (*Inspection générale de la sécurité sociale*) – vun 1,05 Milliarden Euro Enn 2023 op 261 Milliounen Euro am Joer 2027 erofgoe. Budgetär gesinn heescht dat näischt aneschters wéi datt d’Efforten, déi mir um Niveau vum Zentralstaat virgesinn, duerch de Réckgang vum Iwwerschoss an der Sécurité sociale neutraliséiert ginn. Dat solle mir am A behalen. Et soll eis net ëm de Schlof bréngen. Mee, mir mussen eis Sécurité sociale zukunftsfäeg halen. Natierlech am Dialog mat de Sozialpartner.

### i. Solidaritéit hei am Land

- A Krisenzäite sinn déi Leit an der Gesellschaft, déi am mannsten hunn am meeschte betraff. Aarmutsbekämpfung ass eng kloer Prioritéit vun dëser Regierung. Dat mécht sech an dësem Budget op enger Rei Plaze bemierkbar.

*Fir déi schwächst an eiser Gesellschaft*

- Sou wäert de Staat och dëst Joer de Finanzement vun den Tripartitemoossnamen **fir REVIS Empfänger a Leit mat schwéierer Behënnerung** iwwerhuelen.
    - Fir d'Primm Energie si fir 2024 8,6 Milliounen Euro virgesinn;
    - Den Equivalent fir den Energiesteierkredit fir akommesschwaach Leit beleeft sech zousätzlech op 15,6 Milliounen Euro.

- Am Allgemenge beleeft sech d'Dotatioun vum nationale Solidaritéitsfong (FNS)
    - fir de REVIS op 229 Milliounen Euro;
    - fir de Revenu fir grav handicapéiert Persounen op 66 Milliounen Euro;
    - fir d'Deierungszoulag op 62 Milliounen Euro.

- Fir de Leit, deenen et net esou gutt geet **schnell ze hëllefen**, ass et onëmgänglech **d'Personal vum nationale Solidaritéitsfong opzestocken**. Dat wäert geschéien.

- Och Leit mat Behënnerung muss et méiglech si voll a ganz un eiser Gesellschaft deelzehuelen. Dozou gehéiert och eng Kommunikatioun déi fir jiddereen accessibel ass. Den neigegrënnte "**Centre de la Communication Accessible à tous**" wäert seng Aktivitéiten 2024 ausbauen

*Fir d'Familljen*

- De Staat iwwerweist der Zukunftskeess all Joer ronn 1,5 Milliarden Euro fir d'Bezuele vum Kannergeld, dem Congé parental, der Allocation de rentrée scolaire an den Allocations de naissance.

- Ronn 1,1 Milliarden Euro investéiert de Staat iwwert de Wee vum Kannergeld direkt an d'Kanner.

- Dës Suen si wichteg och am Kampf géint d’Kanneraarmut.

*Fir d’Leit am Chômage*

- Mir musse weider an d’Aarbecht an net an de Chômage investéieren. Aarbecht bedeit um soziale Liewen deelhuelen. Duerfir setze mir prioritär alles dru fir **d’Leit an der Aarbecht ze halen**.

- Dat huet dës Regierung gemaach. De 24. Januar huet d‘Regierung **d’Kris fir Deeler vum Konstruktiounssecteur ausgeruff**. Doduerch kënnen dës Betriber wärend 6 Méint konjunkturbedéngte Chômage partiel ufroen. Fir de Mount Februar goufe 37 Demande vum Konjunkturcomité guttgeheescht, fir de Mäerz waren et der 45.

- Mir mussen der Realitéit an d’A kucken. De **Chômage ass iwwer ee Joer gekuckt ëm 2400 Persounen ugewuess**. D’Ausgaben a Saache Chômageindemnitéite klammen doduerch op ee Joer ëm 100 Milliounen Euro (Chômage partiel mat agerechent). Sie belafen sech 2024 ob 499 Milliounen Euro.

- Hinnen hëllefe mir de Wee nees schnell an d’Aarbecht ze fannen. Dat andeems mir si prett maache fir d’Ufuerderunge vum Aarbechtsmaart. D’Ausgabe vum **Fonds pour l’emploi fir d’Formatioun** ginn duerfir déi nächst Jore kontinuéierlech an d’Luucht (vun 43 Milliounen Euro fir d’Joer 2024 op 48 Milliounen Euro am Joer 2027).

*Fir Flüchtlingen*

- An de Joren 2020 an 2021 koumen zesummen ongeféier 4.000 Flüchtlingen an d’Land. Zënter dem Ufank vum Ukrainkrich, also iwwert déi lescht 2 Joer, hunn 11.100 Leit zu Lëtzebuerg Schutz gesicht.

- D’Kapazitéite vum **Office national de l’accueil** hunn dofir missten a kuerzer Zäit konsequent an d’Luucht gesat ginn.

- D’Unzuel vu Better huet sech zënter 2021 verduebelt. Dat bedeit méi Personal, méi Encadrement, méi Entretien, méi Ëmbauaarbechten. Dem ONA säi Budget geet dofir dëst Joer ëm 45 Milliounen Euro op 225 Milliounen Euro an d’Luucht.

- **D’Problematik ass villschichteg**. Op där enger Säit ass et wichteg, deene Mënschen, déi viru Krich a Verfollgung fortlafen, ze hëllefen. Deene Leit, déi eng wierklech Perspektiv hunn, fir kënnen hei ze bleiwen, musse mer hëllefe schnellstméiglech um Aarbechtsliewen deelzehuelen. Op der anerer Säit, hu mir nach ëmmer ee Problem mat de Retour‘e vun Asyldemandeuren, deenen hir Demande refuséiert gouf.

*Fir eis Baueren*

- Eis Baueren hunn eng **zentral Plaz an eiser Gesellschaft**. Sie garantéieren eis **Liewensmëttelversuergung**. Ouni si wieren eis Telleren eidel.

- Ufank Februar hunn de Premierminister an d’Landwirtschaftsministesch sech mat de Vertrieder aus dem Secteur getraff.

- Dës Regierung wëll eng **Landwirtschaftspolitik mam Secteur an net iwwert hir Käpp ewech**.

- Dëse Budget ass en éischten Ausdrock dovunner an e staarkt Engagement fir eise gesamte ländleche Raum.

- Dofir hale mer all **d’Bäihëllefen** op engem héijen Niveau.

- D’Ausgabe vum zoustännege Ministère ginn dëst Joer ëm 41,8% an d’Luucht. Insgesamt si fir d’Joer 2024 199 Milliounen Euro fir de Secteur virgesinn, dovunner 160 Milliounen Euro un nationale Mëttelen.

- Agrarpolitik besteet awer **net just aus direkte Subside** fir d’Baueren, d’Wënzer an d’Gaardebaubetriber. Déi 199 Milliounen Euro ginn och fir aner

Zwecker genotzt, besonnesch fir Projeten am Beräich vun der **Entwécklung vum ländleche Raum** ze ënnerstëtzen.

**ii. Eng diversifizéiert Fräizäitgestaltung duerch eng räich Offer a Sport a Kultur**

- Och wa Sport a Kultur net dee Volummen ewéi aner Budgetsposten am Sozialberäich hunn, erlaabt mir awer ee puer Wierder heizou.

- Well **dës Ausgaben dach extrem wichteg fir eise gesellschaftleche Matenee** sinn.

- Kultur ass villfälteg. **Sie verbënnt Geschicht, Konscht an Traditioun**. De Kulturpatrimoine wäerte mir héichhalen.

- Kultur bréngt awer och Mënschen zesummen. Dofir wäert d'Regierung verstäerkt op Kulturdiplomatie setzen. Bis elo waren d'Initiativen an deem Beräich éischter dezentraliséiert a sporadesch gemaach ginn.

- Dëst soll sech änneren. Mir hunn eng **räich Konscht- a Kënschtlerzeen**. Sie sollen hier Plaz an der Promotioun vu Lëtzebuerg am Ausland hunn. De Ministère wäert duerfir – op Basis vun der Aarbecht vun Kultur lx – d'Representatioun vun der Konschtzeen bei Staatsvisitten oder internationale Missiounen iwwerhuelen.

- Och de **Sport** léisst de Staat sech eppes kaschten.

- Iwwert de 12. **Fënnefjoresprogramm fir Sports-infrastrukturen** gouf ee Budget vun 135 Milliounen Euro fir d'Joren 2023-2027 opgestallt. D'Ausgaben am Sportsfong bleiwen iwwer déi ganz Period op engem héijen Niveau.

- De Staat wëll, dass **déi Jonk an hire Sportsveräiner gutt encadréiert ginn**. Duerfir bedeelegt sech de Staat un deen Ausgaben an Héicht vu 4 Milliounen Euro.

- D'Stäerkung vum Benevolat am Sportberäich weist sech duerch d'Erweiderung vum Congé Sportif mat enger Erhéijung vu ronn 195% vun den entspriechende budgetären Ausgaben.

- **D'Anti-Dopping-Agence** gëtt gestäerkt. Eng national Preventiounsstrategie géint all Form vum Mëssbrauch soll ausgeschafft ginn.

**iii. Solidaritéit mam Ausland**

- Solidaritéit besonnesch mat **der Ukrain**.

- Niewent militäreschem Equipement, **ënnerstëtzt Lëtzebuerg d'Ukrain och finanziell an humanitär**. Zënter 2022 huet Lëtzebuerg 13,6 Milliounen Euro un UNO-Agencen, ONGen an d'Rout Kräiz ginn. Da kommen nach eng Kéier 10,3 Milliounen Euro dobäi fir de Neiopbau. Do derbäi kënnt medezinescht Material an aner Equipementer am Géigewäert vu 5 Milliounen Euro.

- Global beleeft sech **d'Hëllef fir d'Ukrain** an de leschten 2 Joer – militäreschen Equipement an aner finanziell Ënnerstëtzung – op ronn 170 Milliounen Euro. Deen Effort wäerte mir och weiderféieren.

- Mir **brauchen eng staark Defense** – an Zesummenaarbecht mat eisen Alliéierten a Partner.

- Lëtzebuerg dréit säin Deel dozou bäi a steet zu sengen **internationalen Engagementer**. Lëtzebuerg huet sech engagéiert mëttelfristeg 2% vum RNB (*revenu national brut*) fir Verdeedegungsausgaben ze notzen. Stand haut wieren dat méi wéi 1,1 Milliarden Euro.

- **De Budget spigelt dësen Engagement erëm**. Eng éischt Hausse ass fir d'Joer 2024 virgesinn. Eisen *effort de défense* geet vun 0.77% vum PIB – déi ursprünglech virgesi waren – op 0.83% vum PIB am Joer 2024 erop. Dat entsprécht engem Total vu 696,3 Milliounen Euro. Dovunner 69,5 Milliounen Euro als Hëllef fir d'Ukraine.

- Dës Regierung bekennt sech zu sengen Engagementer fir **1% vum nationale Bruttoakommes der Entwécklungshëllef** zoukommen ze loossen. Dëst Joer wäerten **nei Projeten ulafe mat 3 Länner**: dem Ruanda, dem Benin a Costa Rica.

- Fir de Suivi op der Plaz gutt ze assuréieren, wäert dëst Joer och eng nei **Ambassade am Ruanda** opgemaach ginn

- A mat eisem laangjäregen **Entwécklungspartner Senegal** gëtt dëst Joer een neie Kooperatiounsprogramm op d'Bee gesat.

## 5. Konklusioun

Här President,

- Fir aus enger Kris erauszekommen, brauch een eng déifgräifend Analyse, eng iwwerluechten Aktioun an ee **groussen Zesummenhalt**. Duerfir strecke mir och der **Oppositioun eis Hand fir Zesummenaarbecht aus**. Och wann ech mir als fréieren Oppositiounspolitiker keng Illusiounen iwwert de Vote vun dësem Budget maachen.

- Mä iwwert de Vote a souguer iwwert de Budget selwer eraus, ass et wichteg, datt mir als Land an als Leit – an domadden och als Politik – zesummenhalen an un engem Strang zéien.

- Trotz schwieregem Ëmfeld setze mir Lëtzebuerg op **zolidd Féiss**. Dëst ass kee Budget **wou d'Ham an der Mëllech gekacht gëtt** – dat ass eng Politik, déi dës Regierung net wäert maachen – well fréier oder spéider misst eist Land, missten d'Bierger hei am Land, d'Rechnung duerfir bezuelen. Mä mir hunn et fäerdeg bruecht **d'Leit ze entlaaschten**. Weider Schrëtt wäerten nokommen.

- Wat **d'Ausriichtung vun der Budgetspolitik** an den nächste Joren ugeet, stellen ech mir vir:

    - datt de Staat als éischt bei sech selwer Fouss beim Mol hällt. **D'Progressioun vun de Fonctionnementskäschte** muss iwwerkuckt ginn. Eng Steigerung vun 10% an der Moyenne aus de leschte Joren 2019-2023 ka kaum bäibehale ginn;

- datt **déi ëffentlech Investitiounen** sech op engem héijen Niveau vu ronn 4% vum PIB beweegen;
- datt mir iwwert déi nächst Joren **nei Posten, déi beim Staat geschafe ginn** am Sënn vun der Previsibilitéit iwwert ee längeren Zäitraum festleeën;
- datt mir eis och verstäerkt mat **alternative Finanzéierungsmodeller**beschäftegen. Grad am Logement mussen net all Investissementer iwwer de Staatsbudget finanzéiert ginn. Och de Privatsecteur muss seng Responsabilitéiten huelen. Nach virum Summer wäerte mir een neie Fong schafen, fir konkret Projeten ze finanzéieren. Am Moment lafe Gespréicher tëscht der Trésorerie an de grousse Banken op der Plaz, fir ze kucken, wéi si sech un deem Effort bedeelege kënne.

- De Budget dee mir an den nächste Wochen an de Kommissiounen an an der Chamber diskutéiere géif ech ofschléissend an der Substanz mat 5 Stéchwierder beschreiwen:
    - E Budget vun der **Entlaaschtung**. Vun de Leit an de Betriber. Finanziell. Awer och mat manner Bürokratie.
    - E Budget vun der **Solidaritéit**. Heiheem an dobaussen.
    - E Budget vum **Invest**. An d'Leit. An d'Betriber. An d'Infrastrukturen. An dat Digitaalt. An d'Klima-Transitioun. An d'Zukunft. Grad den Invest an d'Leit ass dee wichtegsten. Wëll d'Stäerkt vun eisem Land si seng Leit!
    - E Budget vun der **Effizienz**. Virun allem beim Ausgi vun eise Suen. Hei musse mer kloer optimiséieren. Mir mussen eis Suen do ausginn, wou se dee gréisste Mehrwäert bréngen.
    - E Budget vun der **nohalteger Ofsécherung**. Dëse Budget ass zolidd a net op Sand gebaut. Mir ginn eis Sue mat Mooss a Mëtt aus. Mir dinn eis net plakeg aus. Mir halen eis Sputt a Spillraum fir d'Zukunft.

Mir schafe Vertrauen fir d'Zukunft.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.